



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, an dem Här Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Fro n°5487 vum honorabelen Députéierte Fred Keup zum Sujet « Formation continue des bénévoles du CGDIS »

Fir als Staats- oder Gemengebeamten eng Formatioun op sengem Formatiounskont unerkannt ze kréien, ginn et um Niveau vun der Prozedur dräi Optiounen:

1. Den Agent mécht eng Formatioun aus dem Katalog vum Institut national d'administration publique (INAP)

An dësem Fall brauch den Agent keng Schrëtt z'ënnerhuele fir d'Formatioun op sengem Formatiounskont unerkannt ze kréien. Dëst geschitt „automatesch“ duerch d'Gestioun vun der Formatioun duerch d'Personal vum INAP.

2. Den Agent mécht eng Formatioun déi seng Verwaltung am Kontext vun hirem Formatiounsplang organiséiert huet

D'Verwaltung schéckt dem INAP eng Formatiounsdemande. No der Validatioun vun dëser Demande hält den INAP déi néideg Donnéeën vun der Formatioun an dem Agent op, an no der Formatioun erkennt den INAP d'Formatioun vum Agent op sengem Formatiounskont un. Dëst geschitt „automatesch“ duerch d'Gestioun vun der Formatioun duerch d'Personal vum INAP.

3. Den Agent mécht eng Formatioun ausserhalb vum Formatiounskatalog vum INAP an ausserhalb vum Formatiounsplang vu senger Verwaltung

All Formatioun déi net am direkte Kader vum INAP, respektiv dem Agent senger Verwaltung gemaach gëtt, muss „assimiléiert“ ginn. Dës Demarche vun der „Assimilatioun“ muss vum Agent selwer initiéiert ginn, andeems d'Agente vum Staat dem Minister fir d'Fonction publique, respektiv d'Agente vun de Gemengen dem Inneminister hir Demande, iwwert d'Voie hiérarchique, zoukomme loossen. No der Validatioun vun der Demande, gëtt dem Agent d'Decisioun matgedeelt esou wéi och den aktualiséierte Formatiounskont geschéckt.

En haaptamtliche Pompjee vum CGDIS zum Beispill, deen eng Formatioun beim Institut national de formation des secours (INFS) absolvéiert huet, kritt seng Stonne souwuel op säin INFS Kont gebucht, wéi och op säi Kont beim INAP, nodeems déi Stonnen iwwert de CGDIS beim INAP ugefrot gi sinn. D'ass och sou, dass déi haaptamtliche Pompjeeën hir Formatioun exklusiv beim INFS maachen a net um INAP.

E fräiwëllege Pompjee deen also beim öffentlechen Déngscht schafft an eng Formatioun beim INFS mécht, kritt seng Stonnen automatesch op säin INFS Kont gebucht, souwéi och op säin INAP Kont, nodeems en se iwwert seng Verwaltung beim INAP ugefrot huet. E fräiwëllege Pompjee deen awer bei engem private Patron schafft a keen INAP Kont huet, kritt seng Formatiounsstonne just op säin INFS Kont gebucht.

Deemno gëtt et an deenen zwee éischte Fäll e gewëssenen Automatismus bei der Unerkennung vu Formatiounen um Formatiounskont vum Agent, deen et awer net gëtt – an och nach ni ginn ass – wann en Agent ausserhalb vum Formatiounskader vum INAP, respektiv dem Formatiounsplang vu senger Verwaltung, eng Formatioun wëll unerkannt kréien.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

En Automatismus huet et virun der Kreatioun vum CGDIS net ginn, ausser an deene Fäll wou e Fräiwëllegen, deen am ëffentlechen Déngscht ugestallt war, eventuell eng Formatioun beim INAP selwer gemaach huet. Dass d'INFS Formatioune vun deenen Agentinnen an Agenten, déi beim CGDIS ugestallt sinn, automatesch vum INAP unerkannt ginn, mécht iwverdeems Sënn, well der vill vun hinnen exklusiv beim INFS forméiert ginn. Doriwwer eraus halen och eng Rei INFS Formateure Formatioune beim INAP.

Lëtzebuerg, de 07/02/2022.

D'Inneministesches
(s.) Taina Bofferding